# Schüleraustausch an Daitschland

Ech koum Sonndesowes, den 9 November 2008 zu Riegelsberg an Daitschland un. Meng Austauschschülerin Anne-Liv an ech waren frou eis erem ze gesin. Ech gouf vun hirer Famill ganz léif empfang. D'Anne-Liv huet eng Zwillingsschwester an eng méi kleng Schwester vun 18 Méint. Si hun vill mat mir ennerholl. Menger Austauschschülerin hir Zwillingsschwester hat och eng Austauschschülerin ob Besuch, mé dei koum aus Frankreich. Si ass leider schon no enger Woch heem gefuer.



*Anne-Liv bei eis ob Besuch*

An Daitschland war haaptsächlech d'Schoul aarnescht wei hei.
Schoulzaiten waren vun 8 bis 13:05 an no all Stonn war eng Paus vun 10, 15 oder 20 Minuten. Schoulstonnen waren mei kuerz ( 45 min. ) an et war net grad sou schwéier wéi bei eis.
D'Proffen waren méi hellefsbereet, an sin net sou schnell ausgeflippt wéi hei zu Letzebuerg. Si hun sech am groussen ganzen méi fir d'Schüler interesséiert. An den Pausen stoungen d'Proffen am Schoulhaff an waren emmer do fir iergendeng Fro vun den Schüler, oder fir einfach als Privatmensch mat den Schüler ze schwätzen, an net als Prof. D'Schüler kruten net sou vill Hausaufgaben an sin net bestroft gin, wann se

hir Hausaufgab eng Kéier net gemach hun, oder hir Saachen vergiess hun mat ze brengen. D'Proffen hun d'Schüler regelméisseg gelueft fir daat waat se gut gemach hunn, a plaatz se ze kritiséieren fir daat wat se net sou gut konnten.

Klassesäll waren méi kleng wéi hei, an et waren mei aal Bänken wéi bei eis.
D'Schoul war am ganzen méi aal agericht wei den LGL.
D'Proffen haten hirt Pult méi heisch stoen wei d'Klass, sou dass si d'Iwwersiicht iwwert di ganz Klass haten.

Déi meescht Schüler sin net mam Bus an d'Schoul komm, mais mat der „ Saarbahn".



Riegelsberg ass zimlech no bei Saarbrecken, an trotzdem missten mer 2 mol emsteigen. Daat Ganzt huet 1 Stonn gedauert

-mam Bus bis op d'Saarbahnstatioun
-duerno mat der Saarbahn op Saarbrecken
-an vun Saarbrecken bei den Lycée.

Mir sin all moien um 6 Auer obgestaan.

Ech hun mech ganz gut verstaan mat der ganzer Klass.
Ech sin immens léif opgeholl gin an d'Schüler hun mer an deenen Fächer gehollef déi ech nach net hun (Physik, Chimie an Englesch).
Englesch war net immens schweier, well si och nach net sou wait waren, mais Physik an Chimie war méi schwéier, well ech daat nach guer net kannt hun.
Trotzdem hun d'Proffen alles gemaach fir et sou flott an einfach wéi méiglech ze maan.

Anne-Catherine Boever